

nach e bëssen Nodenkes... (2) vum Lex Roth

An deer leschter KLACK (145) war dovu rieds, **wou eis Sprooch vrun ongeféier 1970 stong**: Mä am selwechte Motz-Eck, wou si vrum Krich gehuckelt huet. Aus deem, wat d'Preisen äis wollten 1941 domat dréinen, war keng Léier gezu ginn. D'Lëtzebuergesch aus de Bréiwer hin an hier, Zeie vu Leed a Verlaangeren aus de Prisongen, der Émsidlung, der Zwangsrekrutéierung ass no an no aus dem Grëff komm. Just do wier e gudden Usaz gewiescht, fir der Sprooch eng Plaz ze ginn, wou net nëmmen e puer Gedichter an Theaterstécker eng Roll gespillt hätten. En **aremséilege Schreifweis-Kaméidi** huet sech wéi eng Spaweck iwver dat gespaant, wat dem Lëtzebuergesch deemoos 'bei de Leit' dee richtege Juppert hätt kenne ginn, nom couragéierte 'Referendum' vun 1941.



(BILD: OLIVIER JAMINON)

Gewëss, mir haten e Grapp talentéiert Schafferten: de Jos Keup, den Hary Godefroid, de Marcel Reuland, den Tit Schroeder, de Chrétien Clement an anerer hunn an de 50er Joeren d'Nues eraus gestreckt. Den Albert Gricius, de Wëllem Weis, de Jitz Weber, de Ferd Gremling an 'deer nach' hunn an de 50/60er Joeren ugefaang, ze weisen, datt an eiser Sprooch méi Kraaft geng stieche wéi fir eng sympathesch Schnok, zockerséisst Gefillsgesouers oder méi oder wéineger 'lëschtég' Bühnestéckelcher. **Mä wien huet sech vill em si an dorëm bekëmmert?** Et hat sech zwar e Veräin 'Eis Sprooch' zesumme-fonnt... fir am intime Krees eng intern Clubzeitung erauszeginn. Nëmme net opfalen, fein bleiwen!

Deemno guff zwar 'eppes gemaach', mä wat ass geschitt? Rosewéineg. Um Dictionnaire ass erëm gewuddert ginn, bal hermetesch wéi énnert enger Kéisklack! Dee fläisegen an dichtege Professor Joseph Hess hat 1946 en intressant Bichelchen erausginn ('Die Sprache der Luxemburger'), dat fir jiddereen e gudden Usaz gewiescht wier, fir mat eiser Sprooch 'unzebëntelen'... mir guffe sengerzäit an der Normalschoul aus deem Wierk just mat deene folkloristegste 'Vokabelen' traktéiert. Mat allem natierleche Respekt fir dat, wat kompetent Männer geschafft hunn (et guff do nëmmen eng Fra: d'Joffer Hélène Palgen). **Deem kleespere Lëtzebuergesche sinn d'Féisercher entschlof.** Wa 'mir' et esou gewäerde gelooss hätten, da wier bannent 2 Generatiounen eist spezifesch identitärt Sproochgesiicht verluer gaang! Vrun allem wéinst falschen a fixe Meenungen à la 'd'Lëtzebuergesch ass jo dach nëmmen en Dialekt a keng Sprooch'. Da kann de Rescht jo nëmmen eng Matleedsreaktioun fir déi arem Knätzel sinn, gelldir.

Wat doriwwer haut a vermengte wëssenschaftleche Publikatiounen verbrach gëtt, huet net vill mat der Wierklechkeet a knapps mat den Zesammenhäng aus de Joeren 1945 bis 1971 a bis haut, ze dinn. Wann d'Geschicht vun eiser Sprooch soll zollitt behandelt ginn – ower net vu Leit, déi eis Kautsch net kennen – dann d'äer ee keng 'Diplomanden' op 'Interview' schécken, déi aus engem stonnelaange Gespréich nullnäscht ze maache wëssen, well d'Kausalitéit, dat 'Ronderëm' an d'Resultater hinnen net aliichten. Da kënt och nëmme Gefisems eraus! Linguistik, Lexikologie, Literatur ginn net duer, fir d'Realitéit an d'Praxis ausernezedinn, déi 'Feldarbecht', aus deer en **Émfeld entstan ass, ouni dat de Stand vun eiser Sprooch vun haut net denkbar wier.** De Bewäis fir déi Behaupterei liwwere mir – natierlech total 'onwëssenschaftlech' – stéckerchesweis als klengen Dossier, an den nächsten Nummere vun der KLACK. Et brauch keen sech fir seng Zort vun Aarbecht um Gebitt vun Lëtzebuergesch ze verfuussen oder verkëppen ze loossen. Mir ganz sécher och net!

ALL GUDDER FIR 2009!

De Comité vun eiser ACTIOUN-Lëtzebuergesch an d'Redaktioun vun der KLACK wënschen de Membren an alle Frënn, datt si net zevill schätzeg an d'neit Joer 'geruscht' sinn, mä et roueg, zefriden a gemitterlech ugefaang hunn... sou wéi et déi 362 Deeg soll bleiwen, déi nach iwreg sinn... eise Veräin ass elo iwregens am... 38. Joer! Mir leider net méi.

eng säfteg Saach!

En Ausdrock, deen duerch Europa a bal uechter d'ganz Welt 'geeschtert', ass dee gudde 'Büffdeck', deemno e Stéck Rëndfleesch... wou d'Leit jo Englesch schwätzen, ouni drun ze denken. Wat ass de fransésche 'steak' (net 'stik' mä 'steck' geschwat) dann anescht wéi dat anglogermanesch 'Stéck'? Souguer d'Griechen haten an hunn näscht anescht wéi 'stéik' dofir fonnt. Huet dir ewell gekuckt, wat d'Italiéiner, d'Spuenier, d'Portugisen draus gemaach hunn? 'bistecca', 'bifteck'... si kommen hei alleguer net vum Engleschen ewech. Mä mir nach manner.

Mir maachen esouguer e Stéck Rëndfleesch vum Päerd, also e 'Päerdsbüffdeck', wann et muss sinn, och nach e 'Schwéngsbüffdeck', haut vläicht esouguer och e Strausse-Büffdeck. Eben typesch Lëtzebuergesch... wie laacht do? ■ M.V.

Abbeejo!

Hutt dir ewell dru geduecht, datt mir Lëtzebuerg am Fong déi eenzeg op der Welt ze si schéngen, déi sech d'Hoer net wäschen? Wéi sou dannt dat? Mä denkt emol een Ament no: Mir wäschen de Kapp!

An dann eis Zänn: Mir botzen se net (wéi am Däitschen), an trotz der Zännbiischt ginn déi Dénger net gebiischt (wéi am Franséschen oder Engleschen)... mä gewäsch!

Mir ginn eis Kleeder gelungenerweis an d'Botzerei/d'Botz; et fällt kengem an, déi an eng 'Reנגegung' oder en 'Nettoyage' ze droen. Iwwerleet emol, wat ee mam Ausdrock 'Botz/botzen' nach alles op Lëtzebuergesch mengen kann... a verschaaft iech fir bëllegt Geld eis Publikatioun 'EISES', wou dir beim Iwwersetzen är blo Wonner erlieuwe kënt. ■ H.M.

Verséint iech!

Mir sinn, als Actioun fir eis Sprooch reliéis ewéi politesch neutral. Mä mir mëfferen, wann d'Lëtzebuergesch eng Bokemaul opgesat kritt. Wéi z. B. no bei der Stad, gutt gemengt, op enger Fassad. 'Verséint iech mat Gott!'

Wann e Bauer sech verdeet an aplaz Huewer Geeschtekären an d'Séinmaschinn mécht... dann huet hie sech zugudderlescht ganz einfach 'verséint'. Mat dem däitsche Verb 'versöhnen' huet dat net déi Boun ze dinn, mol net eng Ierbës. Et ass dees klassesch-falsch iwversatent Däitsch... wéi mir es leider och esou dacks iwver eis Antennen héieren. 'mat Gott' ass och alt net dat Gielt vum Gackelchen; dat wier 'mam Herrgott'; 'Gott' ouni Artikel, dat klénkt op Lëtzebuergesch zimlech haart... vrun allem däitsch.

Wéi soe mir dann, wann der 'zwei sich versöhnt haben'?... da 'verstinn' si sech erëm, wat an dësem Fall näscht mam Gehéier mä mam 'Verstand' ze dinn huet. Also: **Verstitt iech (erëm) mam Herrgott!** ■ AL

Ceterum censeo... (26) (= Iwregens sinn ech der Meenung...)

datt an eiser Constitutioun keng grouss Flaatsch iwver d'Lëtzebuergesch ze stoe brauch. Eist Grondgesetz soll just **ouni Kéier a Krëmmel soen, datt d'Lëtzebuergesch d'Sprooch vum Land ass.** D'Franséisch an d'Däitsch och als Verwaltungs- a Gerichtssprochen ze ernimmen, dat ass an der Rei; et ännert dach glat näscht un eiser Sproochesituatioun. D'Gesetz soll, wéi bis elo am Artikel 29 steet, den offizielle Gebrauch vun 'eise' Sprooch reglementéieren, net méi an net manner; dat hu mir zënter 1984. No allem wat een doriwwer gewuer gëtt, ass d'Uleies 'Sprooch an d'Verfassung' op engem verstännege Wee. Nach en zerguttsten 'Hoff', an d'ganz Land kann deene Verantwortleche gratuléieren... de 7. Juni 2009 esouguer nach eppes weider! ■ L.R.

bei a bäi...

do denke mir knapps drunn, datt et zwee verschidde Wierder an hire Bedeitunge sinn. Beispill: *D'Ketty geet esou dacks bei déi al Tatta, well hatt sech gär fir d'Testament bäihält...* iwversetzt dat emol op Däitsch, da mierkt dir, datt et glat näscht mam däitsche 'bei' ze dinn huet... datt de Gebrauch 100 % typesch lëtzebuergesch ass... *K. geht so oft zu dieser alten Tante, weil sie sich fürs Testament (d)ranhalten möchte.* Aner Beispill: *Gutt 'Gestécks' bei der Zopp hält bäi; bei deem Metzler muss een sech matzäit bäimaachen; de Jéngi schmiert sech nawell gär beim Schoulmeeschter bäi; déi Modi huet ower schéi bäigeholl; mir kruten eppes an der Pai bäi; de Jang ass gëscht fatzeg bäigaang...* da probéiert dat (an nach aner Beispill) emol op gutt Däitsch ze soen. Hei wier e sëlliche 'Maaches' fir d'Luxemburgistik (firwat iwregens net 'Lëtzebuergistik'?!)... aplaz engem eng laang Nues ze maachen, dee vun enger 'Geschirrkiste' geschwat huet, wann et 'Werkzeugkasten' heesche soll.

Endlech!!!

Vläicht ass et iech **ëm d'Feierdeeg opgefall**, datt de 'Krësch (Kleie!)' elo endlech zu 90 % do gelooss gëtt, wou en higehéiert: an de Gissercher hir Frupps. Déi hunn 365 mol am Joer 'Krësch(t)dag', an dat ass och gutt esou... fir si a fir äis!

Chrëschttag huet nun emol mat CHRISTUS ze dinn, egal ob een dat reliéis gesäit, just historesch oder einfach als Geleeënheet fir eng Chrëschtfeier an der Famill, dem Chrëschtmaart, dem Chrëschtbeemchen, dem Christian an dem Christine asw.

All Sproochen hei rondrëm halen dee griechesche «CHI» bäi; dat eleng ass kulturhistoresch exakt. Joerelaang hu mir äis aus verstännegem Grond dofir agesat... an äis net ginn! **Et huet eppes gedéngt...** sou wéi dat d'meescht ass, wann ouni fanateschen Äifer ziviliséiert 'wannechgliff' gesot gëtt. Merci villmools fir d'Versteesdemech vun deene ville verstännege Frënn! ■ P.W.

déi nei Knupperten

Et ass emol eng Zäit behaupt ginn, **eis Sprooch wier bauereg, aarm, onreflektéiert asw.**, si giff iwregens och keng nei Wierder méi maachen. Dat ass net ganz dolaanscht, wann een d'Lëtzebuergesch ëmmer nëmme mat Héichsprooch wéi dem Däitschen oder dem Fransésche vergläicht. Et huet ower knapps een sech d'Méi ginn, emol ze ënnersichen, firwat dat esou ass... mä well mir et duerch eis 'Schoulsproochen' ze liicht hunn, en Ausdrock aus deenen 'Idiomen' eriwuer ze huelen; just deen Zock erlieuwe mir jo haut mam 'Denglich' a mam 'franglais' déisäit de Grenzen.

Mir haten emol **op der TV e klenge Concours** organiséiert, fir no neie Wierder ze sichen, déi no 1920 am Lëtzebuergesch opkomm sinn, mat engem formidabele Resultat! E puer honnert Beispill sinn op Postkaarten erakomm; den Här Aloyse Schmitz hat e komplette 5-bännegen Dictionnaire gewonn; de Jérôme Lulling huet déi laang Lëscht als Basis fir seng 'maîtrise' op der Uni zu Montpellier verschafft... leider sinn eis Télévisiounen haut net méi un esou 'Spillercher' intresséiert; do si kleng, faarweg Sand- an aner Kéipercher an enger 'moderner' Ausstellung méi wichteg. Dajee alt.

E laangen Ophänkert, fir op déi 'Knupperten' ze kommen, gelldir, mä eng gutt Geleeënheet, fir drun ze erënneren, dat eis Sprooch net esou aarm ass, wéi mir sproocharm sinn! Huet dat Wuert 'Knupp', a sicht op wéivill Fassongen et an eiser Sprooch doheem ass, och als Verb 'knuppen', oder als Verklengerung à la 'Knippchen'... an da wäert dir iech verwonneren. Iwregens guffen a ginn et zu Wolz nach ëmmer 'Knupperten'; dat sänn déi Lekt, déi 'op der Knupp' woanen... do knuppen d'Knupperten also mat de Knupperten. ■ L.R.